PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/07/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Am Kader vun engem Gesetzesprojet zu de Busser vum CFL gouf an der Chamber och iwwert den TICE geschwat. Et goufen dozou och Motioune virgeluecht, déi awer vun der Majoritéit ofgeleent goufen. An den Diskussiounen zu enger Motioun goung et och ëm den Alter an den Amortissement vun de Busser vum TICE.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi al sinn d'Busser vum TICE (opgelëscht pro Bus)?
2. Ab wéi engem Alter ginn d'Busser beim TICE aus dem Service geholl?
3. Wéi al ass den eelste Bus, deen am Moment nach vum TICE benotzt gëtt? Wéi al ass de jéngste Bus, deen am Moment nach vum TICE benotzt gëtt?
4. Bis wéini ass geplangt, dass d'Busser aus der aktueller Flott sollen a Benotzung bleiwe respektiv bis wéini soll de neiste Bus aus der aktueller Flott vum TICE fir den Transport vu Persoune genotzt ginn?
5. Wéi héich wäert viraussichtlech de Käschtepunkt fir eng komplett Erneierung vun der Busflott mindestens sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten